Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

No jorelaangem Waarden ass et zënter 2024 endlech méiglech, dass d'CNS d'Käschte vun den Dokteschrechnungen direkt op der Plaz iwwerhëlt. Doduerch muss de Patient op der Plaz just nach säin eegenen Undeel bezuelen an net méi méintelaang op ee Remboursement vun der CNS waarden.

De Service vum Tiers payant direct ass bei ëmmer méi Dokteren méiglech (57%, wéi d'Gesondheetsministesch an der Äntwert op d'Fro n°2565 informéiert).

De Service ass awer nach net komplett ausgebaut. E feehlt zum Beispill nach an de Spideeler, wéi dem CHEM. An der Äntwert op d'Fro n°1164 hat d'Gesondheetsministesch bestätegt, dass de Service nach net integral an alle Spideeler ugebuede gëtt.

Esou muss een als Patient:in, jee no Spidol, d'Rechnungen aus der Radiologie oder vum Dokter ëmmer nach virstrecken a fir de Remboursement bei d'CNS eraschécken (oder an ee physesche Guichet vun der CNS ee Rendez-vous huelen).

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. A wéi enge Spidolsgruppen a fir wéi eng Servicer gëtt den Tiers payant direct aktuell ugebueden?
2. A wéi enge Spidolsgruppen a fir wéi eng Servicer gëtt den Tiers payant direct aktuell nach net ugebueden?
3. Wäert et an noer Zukunft méiglech sinn, dass all d'Servicer an alle Spidolsgruppen vum Tiers payant direct gedeckt ginn?
   Falls jo, bis wéini?
   Falls nee, fir wéi eng Servicer wäert dëst net de Fall sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten